



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

Le Ministre

Luxembourg, le 16/09/2020

REÇU

Par Aff Christian , 11:15, 16/09/2020

Le Ministre des Affaires étrangères et européennes
à
Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

Je vous prie de bien vouloir trouver en annexe, la réponse à la question parlementaire n°2696
posée par l'honorable Député Monsieur Fernand Kartheiser.


Jean Asselborn

**Äntwert vum Här Aussen- an Europaminister op d'parlamentaresch Fro Nummer 2696
vum 19. August 2020 vum honorabelen Deputéierten, dem Här Fernand Kartheiser**

- 1) *Wéi definéiert den Här Bausseminister de Begrëff "Staatsterrorismus" a wéi eng Elementer vun där aktueller Situatioun a Wäissrussland si konstitutiv fir déi Qualifikatioun?*

De Begrëff vum Staatsterrorismus bezitt sech op déi exzessiv Gewalt, mat där dem Här Lukaschenko säi Regime géigeniwwer senger eegener Bevëlkerung virgeet. Säit der Annonce vum gefälschte Walresultat, den 9. August, huet dës Gewalt scho mindestens véier Mënscheliwe kascht. D'Aktiounen vu verummte Polizisten a Membere vum staatleche Sécherheetspersonal, déi mat aller Häert Fraen a Männer aus allen Alterskategorien brutal néierschloen, hunn eleng als Zil der Bevëlkerung Angscht an Terror anzejoen. Et leie kredibel Berichter vir vu schwéiere Fäll vu Mënscherechtsverletzungen a Folter a Prisongen a Belarus. Dat ass schockéierend, inakzeptabel a muss op d'Schäerfst verurteilt ginn. Eng sëllege Persounen si verschleeft ginn a kee weess fir de Moment, wou se sinn an op se nach liewen. Dës « disproportionate and unacceptable state violence against peaceful protesters », fir et an de Wieder vum Héije Verrieder vun der Europäescher Unioun Josep Borrell auszedrécken, ass ëmsou méi veruechtenswäert, wéi d'Mënschen op de Stroossen a Belarus friddlech hir legitim demokratesch Rechter afuerderen. An engem Rechtsstaat ass dem Staat säi Gewaltmonopol gesetzlech ageschränkt an déngt net dozou, eng friddlech Bevëlkerung ze terroriséieren.

- 2) *No deene selwechte Critèren wéi am Belarus, wéi eng aner Staaten, Subjekter oder Quasi-Subjekter vum internationalen ëffentleche Recht sinn dem Här Asselborn senger Meenung no also als "staatsterroristesche" ze bezeichnen? Kann den Här Minister der Chamber d'Lëscht vun deenen Entitéiten mat der Äntwert op dës Fro zoukomme loossen?*

Et gi leider vill Staaten op der Welt, déi hire Sécherheetsapparat asëtzen, fir déi eege Bevëlkerung massiv anzeschüchteren an ze ënnerdrécken. Do, wou sou Situatiounen virherrschen oder sech méiglecherweis an Zukunft erginn, intervenéiert Lëtzebuerg op verschidde Niveaue, fir seng Besuergnis auszedrécken an no senger Méiglechkeeten zur Verbesserung vun der Lag bäizedroen.

- 3) *Ass den Här Minister der Meenung, datt déi Manéier, wéi hien d'Situatioun an anere Länner beschreift, an déi dacks en éischter kategorieesche Charakter huet, de Lëtzebuerger Interessien déngt?*

Eng Lëtzebuerger Aussepolitik, déi op fundamentale Wäerter wéi Demokratie an d'Erhale vun de Mënscherechter baséiert, ass et sech selwer schëlleg, Virgäng wéi déi, déi sech am Moment a Belarus ofspillen, an aller Däitlechkeet ze denoncéieren. Gläichzäiteg setzt sech Lëtzebuerg dofir an, dass e konstruktiven Dialog tëschent dem Regime a Belarus an de verschidde oppositionelle Kräfte zustane kënn. Nëmme op dës Manéier ass eng dauerhaft politesch Léisung méiglech, déi am Interessé souwuel vu Belarus wéi och vun der EU ass.